

Wann Dir wëllt, kënnt Dir lech ganz konkret engagéieren: fir jonk Bolivianer, déi eng gutt Ausbildung wëlle maachen, an esou an Zukunft fir sech selwer an hir Famill kënne suergen.



Zu Bella Vista steet d'Beruffsschoul Sayarinapaj (Quechua: *Stinn mer op!*), déi mat Hëllef vun der ONG vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten opgeriicht ginn ass. Hei gi folgend Beruffer geléiert: Schräiner, Mecanicien, Elektriker, Agronomie, Educateur a Gastronomie.

Fir déi jonk Leit, déi ze wäit ewech wunnen, besteet d'Internat Musuj K'anchay (*Nei Luucht*). Ouni Är Ënnerstëtzung kinnte vill vun hinnen sech den Openthalt hei net leeschten, an eng fundéiert Beruffsausbildung wier dowengst onméiglech.

Dofir e grouse Merci un eis 35 Pätteren a Giedelen, déi sech bereet erkläert hunn, dese Schüler Mount fir Mount eng Chance ze ginn !

Wann Dir och un engem Parrainage intresséiert sidd, kënnt Dir gäre Kontakt mat eis ophuelen: info@andamos.lu



3x MERCI...

1 De Ladies Circle 1 Luxembourg asbl. huet den Erléis vun hirem Olivenuelegverkauf un ANDAMOS gespend.



2 Och den Erléis vum Showowend vun der Réiser Grondschoul war fir Andamos!

3 An e grouse Merci geet un d'Bartrenger Scouten, déi eis op hirem Theaterowend en Don gemaach hunn!

Merci - Muchas gracias!



Newsletter

Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange

L-7681 WALDBILLIG

Tel 26 81 08 29

www.andamos.lu info@andamos.lu

BCEE LU80 0019 2955 3635 3000

Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri

Liesie Gompelmann a Fränk Arend

Marc Frieden an Nadine Lamesch



8

Alt erëm ass ee Joer eriwwer. D'Zäit flitt an et mengt een, et géing vu Joer zu Joer méi séier goen. Gutt ass et dann, regelméisseg eng Visite vun eise Projeten ze maachen. Net dat a Bolivien d'Zäit stoe bliwwe wier, den technologesche Fortschrëtt ass och hei ze spieren, mee et huet een awer ee Gefill vu manner Stress a méi Rou. Och wann eis Visite vun dësem Joer zu Cochabamba nëmme kuerz war a mir innerhalb vun enger Woch sämtlech Projeten ze kucken an Detailer ze klären haten.



De Luc Azzeri mam Silvia, Stipendiantin fir Assistante sociale (Tirani, 2016)

Eng wichteg Ännerung vun 2016 ass de Wiessel un der Spëtzt vun eisem Partner der Fundacion Cristo Vive Bolivia. De Carlos Garcia Barron huet d'Rudder am Januar iwwerholl a versicht säitdem, all Servicer un enger gemeinsamer Visioun schaffen an deelhuefen ze loossen. Flott an interessant Iddie stinn am Raum, mol ofwaarde wéi et weidergeet...

2016 hunn dem Diane Catani seng Servicer vun Teatrobuss zu Santiago de Chile mat ganzem Asaatz funktionéiert a seng Associatioun huet sech positiv weiderentwéckelt. Teatrobuss ass eng eegestänneg Asbl, méttlerweil mat eegenem Bus. Och hei si mer gespaant wat sech nach ergëtt!

Eis Aarbecht heiheim bleift och net stoen. Mir versichen ëmmer nees nei Donateuren ze fannen, sinn a punkto Sensibilisatioun a verschidde Schoulen ënnerwee a virun allem hale Kontakt mat eise Partner - a mat lech.

Ee grouse Merci un all déi Leit, déi eis ënnerstëtzen a mat deene mir schaffen. Bleift eis och weiderhin als grouss moralesch Stütz erhalen.

Merci - Muchas gracias!



ZU BELLA VISTA

Eng Sozialaarbechterin schafft mat Elteren, fir si op Themen wéi Ernährung, gutt Behandlung vun de Kanner, Hygiène a Gesondheet opmierksam ze maachen

ZU COCHABAMBA, BEI DER KATHEDRAL

“PURISKIRIS” ass eng Ulaafstell fir d’“Abuelitas”, eeler Dammen, déi an (extremer) Aarmut liewen. Hei ginn ronn 70 Persoune betreit: bei gesondheetleche Problemer, bei bürokrateschen Hürden oder bei familäre Schwieregkeeten.

ZU TIRANI

D’Kanner, déi hei an d’Hausaufgabenhëllef kënnen kommen, hunn eng Chance, hir Schoul ze packen a spéider eng Ausbildung ze maachen. Nom Léieren kënnen si och hei zesumme spillen - wéi an enger Maison Relais bei eis.



Cochabamba ass mat iwwer 600 000 Awunner di véiertgréisste Stad vun Bolivien. De Maart “Cancha”, d’Kathedral an di grouss Skulptur “Cristo de la Concordia” sinn ganz bekannt. Den Hausbiere “Tunari” huet eng Héicht vun 5035 m.



On the Road - am Chile!

D’Diane Catani huet de laang erwünschte Bus fir d’Asbl Teatrobuss kritt an ass ab 2017 fir seng Aarbecht mat Kanner a Jonken mobil! Infos: www.teatrobuss-chile.com